



Drëtt sinn Actions de sensibilisation, dat heescht, all méiglech Campagnen ze maachen, fir op déi ganz Problematik ze sensibiliséieren.

Ech wëll och direkt soen, virausgeschéckt, well dat och gefrot ginn ass, datt natierlech d'CFL-Personal, sougutt d'Buschauffeuren ewéi och déi, déi an den Zich sinn, spezifesch Formationne kréien, wéi se sollen ëmgoe mat Konfliktsituatiounen.

Ech wëll awer och direkt derbäisoen, datt ee Volet dovunner ass, datt se gesot kréien, si sollten net den Held spillen, well si sinn net Agents de sécurité, keng Polizisten. Si sollen do sinn, fir duerch hir physisch Präsenz an duerch Hëllefstellung natierlech derfir ze suergen, datt méiglechst alles roueg ofleeft.

Wann awer Problemer sinn, da si se an enem Kontakt mat der Police. A mir hunn e Police-kommissariat direkt an der Gare Lëtzebuerg. Et wäert och nach eent zu Ettelbréck an déi nei Gare kommen. Soudatt gekuckt gëtt, fir eng Präsenz méiglechst grouss och ze hunn, datt och d'Police ka matzäit do sinn op de Garen, wann eppes geschitt.

Ech wëll lech och soen, datt doriwwer eraus awer och immens vill Suerg gedroe ginn ass an de Garé ronderëm. Also, zum Beispill, et gëtt 31 Leit, dat ass Sécherheetspersonal, wat fir d'Eisebunn de Moment schafft fir d'Sécherheet an de Garen a ronderëm d'Garen. Dat ass virun allem Ettelbréck, d'Stad Lëtzebuerg, Esch an esou weider.

Dann, doriwwer eraus, sinn och vill Kameraen installéiert ginn an dem Zuchmaterial. Et ass esou, datt mat Ausnahm vun den Automotricë vun der Serie 2000 alleguerten de Matériel roulant vun der CFL mat Kameraen équipéiert ass. Dat heescht, insgesamt hänken an den Zich 936 Unités de caméra. Dat sinn der relativ vill, soudatt vun där Wart hier och dat zu der Sécherheet bäidréit.

An dat ass och beluecht, datt, generell gesinn, dat awer natierlech effikass ass an datt dat an den Zich derzou gefouert huet, datt manner Incidente sinn. Ganz kritt ee se souwéiso ni ausgeschloss an der Gesellschaft, wou mer liewen, mä et muss een de Maximum maachen do derfir.

Dann ass et awer och esou, datt an den CFLs-Bussen och Kameraen installéiert sinn. Och do ass et esou, datt 62 Bussen équipéiert sinn domadder. An da sinn awer och nach op den Halten an de Garé Kameraen installéiert, do deelweis, also an deene meeschte grouss Garen an Halte sinn der. E puer feelen der nach, zum Beispill an der Gare Ettelbréck, do si se en cours, fir opgehaangen ze ginn. Do wäerten der elo nach vläicht bäikommen. Mä am Total ass dat awer scho vill. Et sinn iwwer..., also 1.955 Kameraen, déi op der CFL, Info, Zich an an de Garen doruechter hänken. Dat ass immens vill. Dat ass jo en héije Käschtapunkt, deen domat verbonnen ass.

An dann ass et och esou, datt haut d'Arrêten an d'Garé ganz anescht konzipéiert gi wéi fréier. Eischtens méi frëndlech, méi clientsfrëndlech, méi bellicht, keng doudeg Ecker. Ech mengen, den Urbanismus spillt eng immens wichteg Roll, wann et ëm d'Sécherheet geet.

An dann, wéi gesot, Sensibiliséierungscampagnë gi regelméisseg gemaach a wäerten och an nächster Zäit nach gemaach ginn. A wat d'Busen ubelaangt, do gëtt et en zousätzlechen Dispositif. An de Bussen ass et esou, datt duerch d'Telematik, déi mer agefouert hunn, de Chauffeur haut e Knäppchen huet, datt, wann eppes am Bus geschitt, eng Bedroung oder eppes, dann dréckt en déi Tast an dann heiert d'office d'Leitstell alles mat, wat am Bus geschitt.

A vu datt déi jo och wëssen, wou de Bus ass, well de Bus jo iwwer GPS geort ass, kënnen déi direkt d'Police op déi richteg Plaz schécken, soudatt dat hei vu menger Säit aus och en Appell ass un all déi Leit, déi Schlechtes wëllen hunn, se solle léiwer net probéieren an de Bussen an Zukunft, well do gëtt et genuch Équipement, déi derfir suergen, datt se relativ séier mindestens gepéizt ginn. An dat ass duerch déi Installatioun vun der Telematik haut och méiglech, an dann ass et och méi einfach méiglech, ze intervenéieren.

Bon, dat sinn natierlech immens Moyenen, déi haut schon agesat ginn. Déi wäerten nach vervollstännegt ginn an nächster Zäit, och mat Campagnen. Dat kascht och vill Geld, vill Opwand an ass awer noutwendeg, ganz sécher. Mä, wéi gesot, honnertprozenteg kréie mer et net ausgeschloss.

Et muss een och soen: Dee Fall, deen zu Kautebaach geschitt ass, dee war awer nu wirklech ganz spezifesch, well déi Persoun sech och net gemellt huet. An et ass esou an den Zich, datt d'Bildmaterial fënnef Deeg gehale gëtt, da läscht dat sech vum selwen.

Bon, elo kann ee sech soen: Misst een dat net méi laang halen? Mä ech géif awer net derfir

plädéieren, well dat heiten huet jo och mat Datschutz ze dinn an esou weider. D'Protection de la vie privée an esou Geschichte spillen hei mat. An ech mengen och, datt esou Fäll, wéi deen doten, awer wirklech exzeptionell sinn, well an der Regel, wann awer am Zuch eppes geschitt, d'Leit sech relativ séier vum selwe mellen, an dat dote vläicht awer Eenzelfall sinn.

Mä doriwwer eraus, wéi gesot, ass haut d'Situatioun grosso modo awer scho ganz sécher an den Zich, an e Maximum gëtt geschafft an investéiert, fir datt se nach besser gëtt an Zukunft.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Minister.

Mir kommen dann zur leschter Fro, gestallt vum Här Franz Fayot. An do dréit et sech ëm d'Bauaarbechte vum Institut d'Histoire du Temps Présent. Se riicht sech un de Statssekretär fir d'Héichschoul.

- **Question n°98 du 11 mars 2015 de M. Franz Fayot relative à l'état d'avancement des travaux en vue de la création d'un Institut d'Histoire du Temps Présent, adressée à M. le Secrétaire d'État à l'Enseignement supérieur et à la Recherche**

► **M. Franz Fayot (LSAP).**- Merci, Här President. Ech mengen, bei de Bauaarbechte si mer nach net, mä effektiv ass et eng Fro, wou et ëm den Zoustand geet vun der Planifikatioun vun deem Institut d'Histoire du Temps Présent.

De Rapport Artuso iwwert d'Period nom 10. Mee 1940 an d'Roll vun der Lëtzebuurger Zivilverwaltung an der Juddeverfolgung, mat deem mer eis muer wäerten an der Institutionskommission, an enger élargierter Institutionskommission ausermeesetzen, dee Rapport ass sécher eng Zäsur an der Lëtzebuurger Geschichtsschreiwung, well e weist, a seng Konklusiounen weisen, dass et néideg ass, och zu Lëtzebuerg, fir mat verschidene Mythen, mat enger gewësser Zort vu Geschichtsschreiwung opzeraumen, déi méi mat „storytelling“ a mat Mémoire ze dinn huet, wéi mat objektiver Historiografie.

An dat ass d'ailleurs eppes, wat a ville Länner, a villen europäesche Länner scho virun 30 a 40 Joer geschitt ass. A mir gesinn, dass mir eis haut, notamment mam Rapport Artuso, mat genee deenen Theme beschäftegen, mat der Resistenz, mat der Roll vun der Zivilverwaltung, déi zréckbliwwen ass no der Invasioun duerch d'Nazien, wéi dat a villen anere Länner geschitt ass. An dofir, just aus deem Grond steet am Regierungsprogramm, dass d'Regierung wäert en Institut d'Histoire du Temps Présent schafen, dee sech wäert der Studie vun der zäitgenëssescher Geschicht widmen an eng seriö Opschaffung vun deenen Theme maachen.

Ech hat schonn am November 2014 eng Fro gestallt iwwert den IHTP, och un den Här Statssekretär. An deemools ass mer gesot ginn, haaptsächlech - an ech zitieren: «En effet, l'Institut d'Histoire du Temps Présent ne sera pas créé ex nihilo mais à partir des institutions existantes qui en constitueront le noyau de base.»

Dohier meng Froen:

Eischtens, wat fir eng Institutions existantes sinn dat? Ass dat, wéi virgesinn, de Centre de Documentation et de Recherche sur l'Enrôlement forcé an deen iwwert d'Resistenz?

Zweet Fro: Wou ass d'Planung vun deem IHTP fir de Moment drun? Wat ass d'Zäitschinn? Wéini gedenkt d'Regierung, do e Projet virzeleeën?

An dann, drëttens: Soll deen IHTP onofhängeg gi par rapport zu der Uni Lëtzebuerg? Ech mengen, dat wär wichteg, mä dat ass och eng Fro.

An dann, véiertens: Gëtt et och schonn e Programme de recherche fir deen Institut?

Ech soe Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Fayot, mam Wonsch, dass e soll op d'Auer kucken. Merci. Dann huet d'Wuert de Statssekretär fir d'Héichschoul.

► **M. Marc Hansen, Secrétaire d'État à l'Enseignement supérieur et à la Recherche.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e grouss Merci natierlech och un den Deputéierte fir déi dote Fro, well et ass e sensibele Sujet, mat deem mer eis natierlech och intensiv beschäftegen. Den Deputéierte Fayot huet de Regierungsaccord zitéiert. Do steet notamment och dran, dass deen Institut fir d'Zäitgeschicht «pour mission une recherche scientifique, critique et objective sur notre histoire contemporaine» huet.

An et ass och dofir, dass de Regierungsrot den 3. Oktober 2014 decidéiert huet, fir d'Tutelle

vun dem Kulturministère eriwwerzeginn an de Ministère de l'Enseignement supérieur et de la Recherche. Dat hate mer och an der zoustänneger Kommission bei der Presentatioun vum Budget eng Kéier kuerz ugerass, dass elo d'Tutelle changéiert hätt. Do gouf et ronderëm den Dësch relativ Zoustëmmung, dass dat elo bei eis am Ministère géif doheem sinn.

Mir sinn an deene leschte Méint amgaang gewiescht, dorunner ze schaffen. Dir hutt e puer Instituter hei opgezielt. Ech géif der nach e puer, ouni se alleguete wëllen ze ernimmen, awer och nach mat an d'Diskussioun ginn, mat deene mer och schwätzen fir esou eng Kreatioun. Mir schwätzen natierlech mat der Universitéit doriwwer. Mir schwätze mat dem CVCE doriwwer. Mir schwätze mat dem Centre d'études et de recherches Robert Schuman doriwwer. A mir schwätzen natierlech och nach mat aneren Akteuren iwwert d'Kreatioun vun esou engem Institut fir d'Zäitgeschicht.

Wou si mer drun? Et gëtt konzeptuell den Ament geschafft. Mir hoffen, dass mer virum Summer nach kënnen déi grouss Linne presentéiere vun deem Institut fir d'Zäitgeschicht. An da kann ech lech soen, dass do nach keen definitive Programme de recherche steet. Dat gëtt am Moment an der Consultatioun mat deene verschidene Akteuren nach ëmmer weider diskutéiert. A wa mer bis eng Kéier esou wäit sinn, wäerte mer natierlech och d'Presentatioun maache vun deem Institut an och wéi et herno wäert ausgesinn a wou et eventuell och situéiert wär.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Statssekretär.

Mir wäeren dann um Enn vun der Froestonn ukomm a géifen dann zu eisem éischte Projet de loi iwwergoen. Et handelt sech ëm de Projet de loi 6677 betreffend d'Application du principe de reconnaissance mutuelle aux décisions de probation et aux peines de substitution. Voilà, dat ass den Inhalt vum Gesetz. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo direkt den Här Rapporteur, den honorabelen Här Guy Arendt.

7. 6677 - Projet de loi relative à l'application du principe de reconnaissance mutuelle aux décisions de probation et aux peines de substitution et modifiant, en vue de favoriser l'application du principe de reconnaissance mutuelle aux décisions rendues en l'absence de la personne concernée,

1) l'article 634 du Code d'instruction criminelle;

2) la loi du 23 février 2010 relative à l'application du principe de reconnaissance mutuelle aux sanctions pécuniaires;

3) la loi modifiée du 17 mars 2004 relative au mandat d'arrêt européen

Rapport de la Commission juridique

► **M. Guy Arendt (DP), rapporteur.**- Merci, Här President. Léif Kollegeinnen a Kollegen, de Projet de loi 6677, wéi den Här President et scho gesot huet, beschäftegt sech mat zwou europäesche Kaderdécisiounen, déi mer a lëtzebuergesch Recht sollen ëmsetzen. Dat ass fir d'Éischt d'Kaderdécisioun 2008/947/JAI, déi d'géigesäiteg Unerkennung vu Uerterleer a Bewährungsdécisiounen am Hibleck op d'Iwwerwaachung vu Bewährungsmoossnamen an alternative Sanktiounen aféiert.

Zweetens muss mer awer och eis Legislatioun upassen, nodeems d'Unhuele vun der europäescher Kaderdécisioun 2009/299/JAI eng ganz Partie aner Kaderdécisiounen modifizéiert huet, fir d'prozedural Rechter vu Persounen ze stärken, déi net bei hirem Prozess derbäi woren.

Mat dem Ëmsetze vun den Dispositionen aus deenen zwou Kaderdécisiounen komme mir dem Zil vun engem europäesche Rechtsraum nees méi no. D'Visioun vun esou engem europäesche Rechtsraum an enger besserer europäescher Kooperatioun am stroferechtliche Beräich ass net nei.

Sou huet den Traité vu Maastricht d'Basis fir den deemolegen drëtte Piler vun der Europäescher Unioun, der sougenannter „Coopération en matière de justice et affaires intérieures“ geluecht. Den Traité vun Amsterdam schwätzt fir déi éischte Kéier vum „Espace judiciaire européen“.

Eng richteg Dynamik ronderëm dese gemeinsamen europäesche Rechtsraum gouf awer eréischt 1997 um Conseil vun Tampere a Finnland ausgeléist. Et war während deem Conseil,

dass d'Stats- an d'Regierungscheffen decidéiert hunn, net op de Wee vun enger Harmonisatioun vun den eenzelnen nationale Legislatiounen, mä éischter vum Principe de reconnaissance mutuelle vu Gerichtsentscheidungen ze goen.

D'Memberstaten erkennen also d'Décisiounen vu Gerichter aus anere Memberstaten un, fir esou mat gemeinsame Regeln déi national Legislatiounen lues a lues uneneen erunzeféieren. Als bekanntst Instrumenter vum Prinzip vun der géigesäiteger Unerkennung si virun allem den europäeschen Haftbefehl an d'géigesäiteg Unerkennung vu Gerichtsuerterleer ze nennen, déi 2004 respektiv 2011 an d'Lëtzebuurger Recht transposeiert goufen.

Ech wëll hei just kuerz op déi zwou Kaderdécisiounen agoen, déi vun deem Projet de loi ëmgesat solle ginn. Den Detail fannt Dir am schréftleche Rapport.

Nom Avis vum Conseil d'État huet d'Kommission Amendementer agereecht, an de Conseil d'État huet en Avis complémentaire eragin. D'Kaderdécisioun 2004/947 huet zum Zil, den Transfert vu Persounen, déi vun enger Bewährungsmoossnam oder enger alternativer Sanktioun, ewéi zum Beispill en obligatoreschen Drogenentzuch oder gemeinnützeg Aarbecht, betraff sinn, an hiert Heemechtsland ze erliichteren. Bis elo ginn déi Fäll iwwer eng europäesch Konventioun geregelt, déi eng Rei Memberstate vum Conseil de l'Europe ratifizéiert hunn.

Et geet hei drëms, uniform Regeln ze schafen, déi et engem Memberstat erlaben, d'Respektéiere vun de Bewährungsoplage vun engem auslännesche Résident ze kontrolléieren, deen des Oplagen an engem anere Memberstat operluecht kritt huet. Dëst soll d'Victimmen an d'Gesellschaft am Allgemenge besser schützen, andeems déi concernéiert Persounen sech an hirem gewinnnten Ëmfeld besser sozial rehabilitéieren kënnen. D'Demandé vun an d'Lëtzebuerg, fir Transferten ze realiséieren, ginn ënnert der Autoritéit vum Procureur général d'État géréiert.

Et ass nach interessant ze bemierken, dass de Contrôle vun der duebeler Incriminatioun, wéi esou oft am Kader vum Principe de reconnaissance mutuelle, bei enger Lëscht vu graven Infraktiounen, wéi dem Terrorismus oder der organisierter Kriminalitéit, entfält. D'Ëmsetze vun deser Kaderdécisioun ass fir eis vu grousser Wichtigkeit, well zu Lëtzebuerg eng relativ grouss Zuel u Persounen vun esou Mesurë betraff sinn.

Déi zweet Kaderdécisioun 2009/299 huet zum Zil, d'prozedural Rechter vu Persounen ze stärken, déi vun engem Prozess betraff sinn, besonnesch, wann déi Persoun selwer net um Prozess deelhuele kënnen. Zu deem Zweck ginn d'Grënn limitéiert, déi e Memberstat kann uféieren, fir d'Unerkennung vun enger Décisioun ze refuséieren.

De Projet de loi 6677 dréit deem Rechnung an adaptéiert an deem Sënn d'Gesetz vum 23. Februar 2010 iwwert d'Applikatioun vum géigesäitegen Unerkennung vu Geldstrofen, d'Gesetz vum 17. Mäerz 2004 iwwert den europäeschen Haftbefehl souwéi den Artikel 634 vum Code d'instruction criminelle.

Zwou aner Kaderdécisiounen, déi eigentlech och vun der Kaderdécisioun 2009/299 viséiert goufen, sinn nach net an dat lëtzebuergesch Recht ëmgesat ginn.

Allgemeng muss ee feststellen, dass esou wichteg Instrumenter vun der europäescher Zesummenaarbecht am Strofrecht leider nëmme ganz lues an de Memberstate vun der Europäescher Unioun ëmgesat ginn. Hei kéint all Land méi Effort maachen, besonnesch, wann ee bedenkt, dass et ganz oft ëm net manner wéi d'Sécherheet vun eise Bierger geet.

Erlaabt mer zum Ofschloss, nach e puer allgemeng Remarquen zu der stroferechtlicher Kooperatioun an der Europäescher Unioun ze maachen.

En Europa ouni Grenze suert fir ganz vill Fräiheeten a Virdeeler fir seng Bierger. Fir dass de Projet Europa, ewéi mir en haut kennen, allerdéngs net riskéiert ze versoen, müssen all d'Memberstaten derfir suergen, dass eng bestëmmte Kategorie Leit eise Sënn vu Fräiheet net mëssbrauchen. Ech schwätzen och, mä net nëmme vum Terrorismus.

D'Zesummenaarbecht vun all de Memberstaten an der Bekämpfung vu Kriminalitéit an Terrorismus ass vun immenser Wichtigkeit. Dëst gëtt engem an de leschte Méint erëm nei a méi bewosst.

Eng gutt Zesummenaarbecht verlaangt allerdéngs och e gewësst Vertrauen tëschent de



Memberstaten. De Prinzip vun der Reconnaissance mutuelle steet a fält mat deem Vertrauen. Vertrauen, dass d'Strofen no dem Ausliwwere vu Persounen an hiert Heemechtsland korrekt applizéiert ginn. Vertrauen awer och, dass d'Mënscherechter zu all Moment vun enger Prozedur am Kader vum Principe de reconnaissance mutuelle respektéiert ginn.

Et ass wichteg, dass mir mat dësem Projet de loi net nëmmen e weidere Schratt a Richtung europäesche Rechtsraum gemaach hunn, mä dass och d'Rechter vun de concernéierte Persounen am Kader vum Principe de reconnaissance mutuelle gestärkt goufen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren a ginn heimat den Accord vun der DP-Fraktioun fir dëse Projet.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Rapporteur. An éischt ageschriww Riednerin ass d'Madame Octavie Modert.

Discussion générale

► **Mme Octavie Modert (CSV).** - Merci, Här President. Ech wollt dem Rapporteur Merci soe fir säin ausféierleche Rapport an den Accord vun der CSV-Fraktioun ukënnegen, well dat hei e Gesetz ass, wat eng Rei positiv Elementer mat sech bréngt a biert.

Et ass sécherlech fir d'Alleréisch emol e weidere Mosaiksteen um Wee fir den europäesche Rechtsraum. Et stärkt och déi prozedural Rechter vun de Betraffenen, an et ass geduecht, fir deenen hir sozial Reintegratioun an hirem Heemechtsland eigentlech ze fërderen, onofhängeg dovun, datt och eng Vereinfachung vun de Prozeduren insgesamt virgesinn ass.

Dëst Gesetz kann also ganz interessant a praktesch fir Lëtzebuerg sinn. Et bleift sécherlech awer ze kucken, ob a wéi vill drop zrëckgegraff gi wäert hei am Land, respektiv wéi et sech an der Praxis entwickele wäert.

Meng Fro un den Här Minister, zum Ofschloss: Hutt Dir eventuell aktualiséiert, aktuell an aktualiséiert Statistike vun Transferten op Lëtzebuerg hin, op där enger Sait, respektiv vu Lëtzebuerg en application vun den haut scho bestehende Konventionen an der Gesetzgebung, déi schonn a Kraaft ass op anere Punkten natierlech wéi deem vun der Peine de substitution?

Merci. A wéi gesot den Accord vun der CSV-Fraktioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och der Madame Modert. Den nächste Riedner ass den Här Alex Bodry.

► **M. Alex Bodry (LSAP).** - Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll och dem Rapporteur, dem Här Arendt, Merci soe fir säin ausféierleche Rapport.

Dat hei ass, mengen ech, e Projet, deen net fir grouss parteipolitesch Auseenansetzungen suert, mengen ech, well et e gutt Beispill ass, wéi Europa och am Justiz- a Sécherheetsberäich eis ka weiderbréngen. Well, wann d'Länner op sech gestallt wäeren, fir un déi dote Froen erunzegoen, da wär et sécherlech vill méi schwéier, eng schnell Äntwert ze fanne bei der praktescher Fro: Wéi kann een Uerteeler unerkenne respektiv ausféieren, déi an engem anere Land geholl si ginn?

(Problèmes techniques de sonorisation)

...spezifesch Beräich, wéi ee kann eenzel Uerteeler am Strofberäich exekutéieren.

Et huet sech, mengen ech, och als richtig erweisen, dass een an deem ganze Beräich vun deem europäesche Rechtsraum net op de Wee gaangen ass, fir eigentlech eng Harmoniséierung vun deene sëllegen nationale Bestëmmungen unzestriewen, wat bal zu 28 onméiglech wär, fir ze maachen, mä dass ee gesot huet: Mir kucken haaptsächlech virunzokommen am Unerkennen, am géigesäitegen Unerkennen vun Décisiounen, déi an anere Memberstate geholl si ginn. Genau dat gëtt hei gemaach. An dat ass, mengen ech, dee richteg Wee. An dat ass konkret och eppes, wat fir Lëtzebuerg ka spillen.

Et ass schonn drop opmierksam gemaach ginn, et ass also net reng Theorie, mä dat hei ass eng Dispositioun, eng Décision-cadre. Et sinn Décision-cadren, déi sécherlech och hire prakteschen Notze wäerten hunn, wann et drëm geet, notament och ze gewährleeschten, dass bei Leit, déi hei zu Lëtzebuerg veruerteelt gi sinn, u sech dann och déi Bedéngungen, déi an deem Uerteel festgeluecht si ginn, herno och kënnen dann an engem anere Land weiderverfollegt ginn.

Et ass also eppes, wat wichteg ass, an duerfir wäert dat dote den Accord vun der LSAP-Fraktioun fannen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Bodry. An ageschriwwen ass dann d'Madame Viviane Loschetter.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).** - Merci, Här President. Och am Numm vun der grénger Fraktioun e Merci un den Här Arendt als Rapporteur. An den Accord vun der Fraktioun ginn ech och gär.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci der Madame Loschetter. A leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Serge Urbany.

(Interruption)

Ah, jo, ma da si mer fäerdeg mat der allgemenger Diskussioun. D'Wuert huet den Här Justizminister.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Félix Braz, Ministre de la Justice.** - Merci, Här President. Merci och dem Rapporteur, dem Guy Arendt, dee wierklech ganz explizit an och am Detail de Projet virgedroen huet. Ech wëll dann och dat net widerhuelen.

Ech wëll just op een, zwee Aspekter hiweisen. Den éischten, op deen ass den Alex Bodry och scho kuerz agaangen, fir drun ze erënneren, dass vun Tampere un 1999 d'Ambitioun, de gemeinsamen europäesche Rechtsraum a Raum fir Sécherheet a Fräiheet opzebauen, dass dee Versuch sécher kee lichten ass, mä et ass awer mat Sécherheet e Beräich, wou et Sënn mécht.

De Beräich vun der Justice ass een, deen am Alldag vun de Bierger eng grouss Bedeitung huet a wou Fortschrëtt ganz oft kënnen e praktesche Mehrwäert hunn. Zu Tampere ass och d'Optioun geholl ginn, fir net onbedéngt ze probéieren, d'Legislatiounen an den 28 Länner all Kéiers mussen ze änneren, mä dass ee géif probéieren, iwwert dat méi souple Instrument vun der géigesäiteger Unerkennung wëlen ze fueren, notament am Beräich vun de Gerichtsdecisiounen.

Déi géigesäiteg Unerkennung gëtt et. Hei gëtt se elo eigentlech preziséiert am Beräich vu Mesuren, déi eng Strof applizéieren, am Beräich vu Mesures de probation an anerer. D'Finalitéit dovun ass eng, mengen ech, déi mer alleguerte kënnen ënnerstëtzen.

D'Finalitéit ass am Fong och déi, deene betrafene Condamnéierten hir Rehabilitatioun, hir Resozialisatioun och doduerch kënnen ze erlichteren, datt se eventuell déi aménagéiert Peinen och an hirem eigentleche Pays de résidence kënnen ausfëllen. Dat, mengen ech, ass richtig. Et ass en Instrument, wat keen Zwang ausüübt. Et ass kee forcéiert, dat ze maachen, mä et ass eng Méiglechkeet, déi geschafe gëtt, an zwar bei deenen, wou et sech géif positiv kënnen auswirken.

Lëtzebuerg huet bei dëser Dispositioun vläicht en Intérêt, dee statistesch e bësse méi grouss ass, wéi dee vun anere Länner. Mir hunn zu Schraasseg vill Leit, déi keng Lëtzebuerger Résidentë sinn. An domat mengen ech net Leit, déi hei zu Lëtzebuerg als Lëtzebuerger Résident condamnéiert gi sinn, mä Leit, déi wierklech och virun hirer Condamnatioun keng Lëtzebuerger Résidentë waren. Déi kënnen vun dëser Mesure Gebrauch maachen.

Fir Lëtzebuerg géif dat bedeuten, dass vläicht méi Leit net méi hei zu Lëtzebuerg vun de Lëtzebuerger Autoritéite misste kontrolléiert ginn an am A behale ginn. Dat wär mat Sécherheet eng Erlichterung. Dofir, iwwert déi nobel Grënn eraus, gëtt et och fir Lëtzebuerg schonns praktesch Grënn, fir dës Legislatioun, dëst Stéck europäesch Legislatioun ze ënnerstëtzen.

Dofir, mengen ech, ass et och gutt, wann hei am Haus eng Eestëmmegkeet ass op där doter Fro. Dat gesot, nach eng Kéier Merci fir d'Ënnerstëtzung.

D'Fro vun der Madame Modert: Ech hunn déi aktuell Zuel net. Déi misst ech beim Procureur général froen. Ech maachen dat, an dann, wann Der d'accord sidd, géife mer lech déi aktualiséiert Zuelen an der nächster Commission juridique matdeelen.

Dat gesot, Merci fir d'Zoustëmmung.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Minister.

Mir géifen direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6677 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6677 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass eriwuer.

De Projet de loi 6677 ass mat 58 Jo-Stëmmen, bei 2 Abstentiounen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Marcel Oberweis), Jean-Marie Halsdorf (par Mme Nancy Arendt), Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel (par M. Alex Bodry), Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdig, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Eugène Berger);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Gast Gibéryen).

Se sont abstenus: MM. Justin Turpel (par M. Serge Urbany) et Serge Urbany.

Ass de Wonsch do, fir d'Abstentiounen ze motivéieren?

(Négation)

Dat ass net de Fall.

Da bleift mir just nach d'Fro ze stellen, ob mer dem Projet d'Dispens vum zweete Vote ginn.

(Assentiment)

Ma dann ass dat esou décidéiert. Villmools Merci.

Mir kommen dann zum nächste Projet. Dat ass de Projet de loi 6724. An do geet et ëm Amendementer zum Protokoll iwwert d'Konvention, déi d'grenziwwerschreidender Luftverschmutzung duerch Schwéiermetaller betrëfft. An d'Wuert huet direkt den Här Rapporteur, den Här Roger Negri.

8. 6724 - Projet de loi portant approbation des amendements au texte et aux annexes autres que III et VII du Protocole à la Convention sur la pollution atmosphérique transfrontière à longue distance, de 1979, relatif aux métaux lourds, signé à Aarhus, le 24 juin 1998

Rapport de la Commission de l'Environnement

► **M. Roger Negri (LSAP), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Schwéiermetaller, Bläi, Cadmium a Quecksëlwer sinn déi dräi toxesche Schwéiermetaller, déi eis Loft am meeschte polluéieren, an dat och iwwer laang Distanzen ewech.

Den Objet vum Projet de loi vun haut ass deemno d'Approbatioun vun enger Rei vun Amendementer vum Protokoll iwwert d'Schwéiermetaller, déi de 24. Juni 1998 zu Aarhus ënnerschriwwen gi sinn. Dee Protokoll war den Objet vum Gesetz vum 24. Dezember 1999 an ass den 29. Dezember 2003 a Kraaft getrueden.

Et handelt sech prezis ëm Amendementer vun den Annexen II, IV, V a VI, déi den 13. Dezember 2012 zu Genève op der 31. Sessioun vun der Exekutiv iwwert d'Konvention vun der grenziwwerschreidender Luftverschmutzung op laang Distanz adoptéiert goufen. De franséischen Numm dovun ass „Organe exécutif de la Convention sur la pollution atmosphérique transfrontière à longue distance“ an ass materialiséiert duerch d'Décisioun 2012/5.

Och wann et sech ëm eng Formalitéit handelt, déi allerdéngs awer zimlech technesch ass, erlaben ech mer, e bësse méi wäit auszuhuelen, fir dee legislativen Akt vun haut an de Kontext ze setzen.

Grondsätzlech geet et ëm den internationalen Effort, fir d'Luftverschmutzung ze reduzéieren. D'Luftverschmutzung huet ganz grav Auswierkungen op eis Gesondheet, op déi natierlech Émwelt an och op d'Ekonomie. Sou verursaacht d'Luftverschmutzung Gesondheetsproblemer um Niveau vun den Otemweeër an och Häerz-kreeslafproblemer a beanträchtegt do derniewent d'Planzen- an d'Déierewelt a schielegt och eis Ökosystemer. Vun de Wirtschaftssektoren ass besonnesch d'Landwirtschaft betrëfft.

Aus där Erkenntnis eraus hu schonn 1979 déi europäesch Staten, d'USA, Kanada an d'Sowjetunioun zu Genève eng Konvention

ënnerschriwwen, déi géint eng wäitraimeg, grenziwwerschreidender Luftverschmutzung sech agesat huet. Dës Konventioun ass de 16. März 1986 a Kraaft getrueden. 51 State sinn haut un dës Konventioun gebonnen.

D'Anhale vun der Konventioun gëtt vun der Wirtschaftskommissioun fir Europa vun de Vereenegten Natiounen iwwerwaacht. Op Basis vun der Konventioun goufen eng Rei vu Protokoller ausgeschafft, déi sech mat méi spezifeschen Aspekter vun der Luftverschmutzung beschäftegen, wéi zum Beispill Schwiefelmissiounen oder Stéckstoffemissiounen oder, wéi am Fall vum Aarhus-Protokoll, ëm deen et jo haut geet, mat den Emissiounen vun de Schwéiermetaller Bläi, Cadmium a Quecksëlwer.

Dës dräi Schwéiermetaller gëllen als besonnesch toxesche. Mir huele se zum Deel iwwert d'Loft, awer och iwwer Liewensmëttel op. Si räichere sech am Kierper un a brénge schwéierwiegend Gesondheitsrisiken mat sech. Et ass also deemno wichteg, dass weltwäit gekuckt gëtt, wat déi wichtegst Emissiounsquellen vun dëse Schwéiermetaller sinn, fir dann déi Emissiounen och konsequent ze reduzéieren. Genau dat geschitt am Kader vum Aarhus-Protokoll.

Mat dem Baitrieden zu deem Protokoll hu sech d'State verpflichtet, hir Emissiounen vun deenen dräi Schwéiermetaller ënnert d'Wäerter vun 1990 ze reduzéieren. Beträff sinn un éischer Stell bestëmmten Typen vun Industrieanlagen, woubäi duerch d'Verbrennungsprozesser héich Emissiounen entstinn. Dat si virun allem d'Kraaftwierker am Energieberäich, der Stolindustrie, Cimeterien an esou weider, awer och Müllverbrennungsanlagen oder - zum Gléck ëmmer manner - Länner, déi nach mat verbläitem Bensin an hiren Autoe fueren.

E Schwéierpunkt vum Aarhus-Protokoll ass et, dass an deenen Anlagen déi beschtméiglech Technologien, „meilleures techniques disponibles“, agesat ginn, fir d'Emissiounen esou geréng wéi méiglech ze halen, mä eben och, esou wéi dat beim verbläitem Bensin ass, fir virun allem op den Asaz vun deene Schwéiermetaller ze verzichten. D'Palett vun deene betraffene Produiten ass ganz grouss. Dat kënnen Batterieën sinn, dat kënnen Moossinstrumenter sinn, dat kënnen Pestizide sinn, Faarwen an esou weider.

D'Amendementer, deene mer mat dem virleiede Projet de loi vun haut zoustëmmen, betreffen als Haaptpunkten d'Grenzwäerter, déi bindend mussen aeghale ginn. Et gëtt Referenz gemaach op en Orientéierungsdokument, dat déi beschtméiglech Technologien definéiert a regelméissig kann ugepasst ginn. D'Zil ass et, d'Exigenze vum Protokoll entsprecher der technescher Entwécklung eropzeschrauwen, fir dass e realen Ureiz bestoe bleift, weider Efforten ze maachen, fir d'Emissiounen vun dëse Schwéiermetaller ze reduzéieren.

Doduerch, dass déi méi streng Normen zum Deel nëmme fir déi State verbindlech sinn, déi déi ugesprachen Amendementer och unhuelen, oder verschidden Transitionssphasen bestinn, déi haaptsächlech bis den 31. Dezember 2019 ginn, ass fir déi Staten, déi dem Protokoll elo nei bāitriede wëllen, domat méi e groussen Ureiz geschafe ginn. An déi State sollen domat encouragéiert ginn, sech dem Protokoll unzeschleissen.

Et ass ganz wichteg, dass mir hei zu Lëtzebuerg d'Approbatioun zu dësen Amendementer ginn, well dës eréischt kënnen a Kraaft treden, wann zwee Drëtter vun de Staten, déi schonn de Protokoll ugeholl hunn, och d'Amendementer guttheeschen.

D'Valeurs limites d'émission, ofgekierzt VLE, ginn a Milligramm pro Meter Kibb pro Joer ausgedréckt a stinn an der Annex V vum Protokoll. Ech erspueren lech, déi elo all opzezielen, well d'Transpositioun vum Gesetz jo och an engem eenzegen Artikel resüméiert ass, nämlech der unilateraler Iwwerhuelung vun den Amendementer vum Protokoll iwwer Schwéiermetaller vum 13. Dezember 2012 zu Genf.

Här President, an der Praxis ännert sech fir Lëtzebuerg am Fong duerch dat Gesetz vun haut net wierklech eppes. Eis gesetzlech Normen, wat d'Schwéiermetaller betrëfft, leede sech schonn aus EU-Direktiven a -Reglementer of, déi dem Protokoll vun Aarhus a groussen Deeler schonn e Schratt virusinn. Esou zum Beispill d'Direktiv 2009/30 iwwert d'Qualitéit vun de Carburanten; d'Direktiv 2006/66 iwwert d'Batterien an d'Accumulateuren, d'Akkuen also; d'Direktiven 2012/96 an 2011/65 iwwer elektresch an elektronesch Offälle, an dann déi ganz Direktiven am Kader vu REACH iwwer chemesch Produiten, déi mer jo hei an der Chamber schonn ëmgesat hunn.

Woubäi besonnesch nach ervirzehiewen ass, am Beräich vun de meilleures Techniques disponibles, dass duerch eis Emsetzung vun de Gesetzter vum 6. Januar 2011 an 9. Mee 2014